



Här Chris BERNARD
Gemengeconseiller

41, rue Jean Waxweiler

L-4783 PETANGE

Referenz :2024.59467.SECR

Péiteng, den 6. Februar 2024

Betreff: Är Froe vum 31. Dezember 2023

(Den Dossier gëtt bearbecht vum Här Jasmin Skrijelj -Tel. : 50 12 51 –3054)

Här Chris Bernard,

An ärem Bréif vum 6. Januar 2024 stellt Dir dem Schäfferot folgend Froe :

Här Buergermeeschter, wäert Membere vum Schäfferot,

Um Weekend virun de Feierdeeg 2023, ass et zu Péiteng, méi genau op der Porte Lamadelaine nees zu engem Accident komm. Hei gouf ee Passant, viru 17h, vun engem Auto erfaasst.

Porte Lamadelaine ass eng staark befuere Strooss, déi zumools als Passage vu villen Frontaliere genotzt gëtt. D'Porte Lamadelaine huet nieft dem staarke Verkéier och nach een Eisebunns halt, welch zu de Spëtzenzäiten och vill Passanten unzitt.

An deem Zesammenhang an op Basis vum Artikel 25 vum Gemengegesetz, wéilt ech lech folgend Froe stellen:

- Ass et dem Gemengerot bewosst, dat d'Porte Lamadelaine, ouni rout Luuchten, e geféierleche Passage fir d'Foussgänger ass?*
- Huet de Schäfferot sech scho mam Pont et Chaussée a Verbindung gesat fir eng eventuell Léisung fir dës geféierleche Passage méi sécher fir d'Foussgänger ze maachen? Wann jo, wéini war de lëschte Kontakt bezüglech dësem Passage?*
- Wéi vill Accidenter, zwëschent Verkéiersgefirer a Foussgänger sinn an de lëschten 3 Joer op dëser Plaz gezielt ginn?*

*Mat Respekt,
Chris Bernard
Gemengeconseiller*



Hei dem Schännerot seng Äntwert op är Froen :

Här Bernard,

1. Laut de Statistiken déi der Gemeng virleien, ass dëse Foussgängeriwwee net als geféierlech anzestufen.
2. Mir si momentan am gaange sämtlech Zebrasträifen unzepassen domat se konform sinn zum Gesetz vum 7. Januar 2022 betreffend "L'accessibilité à tous des lieux ouverts au public, des voies publiques et des bâtiments d'habitation collectifs" wéi och zu de Virschräfte vun der Administration des Ponts et Chaussées. Et ass och eng Entrevue tëschent virgenanntener Verwaltung an der Gemeng virgesi fir ënnert anerem och iwwee dës Thematik ze schwätzen.
3. Op dëser Plaz si laut dem Bilan vun der Police an deene leschten 3 Joer 2 Accidenter geschitt.

Mat frëndleche Gréiss,

De Gemengesekretär,

De Buergermeeschter,